



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg



Lëtzebuerg, den 24/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

A senger Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°900 iwwert d'Nuetszich hat de Minister geschriwwen, dass de leschten internationalen Nuetszuch de 26te Juni 2016 vu Lëtzebuerg aus fortgefuehert ass. Dës Weidere schreift de Minister, dass Lëtzebuerg als Arrêt fir international Nuetszich aus wirtschaftleche Grënn wéineg Potenzial besëtzt.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass et sënnvoll am Kontext vun enger nohalteger Klima – an Ëmweltpolitik, international Nuetszich fir Lëtzebuerg aus reng wirtschaftleche Grënn ze ecartéieren?
2. Ass d'Regierung der Meenung, dass bei feelender Wirtschaftlechkeet de Staat d'Nuetszich misst subventionéieren?
3. Ass d'Regierung der Meenung, dass Lëtzebuerg dës Legislaturperiod un de Reseau vun den internationalen Nuetszich wäert ugeschloss ginn?
4. Ab Januar plangt d'ëisträichesches Bundesbahn (ÖBB) d'Afféiere vun enger Linn vu Wien op Bréissel. Gesäit d'Regierung dëst Geschäftsmodell als Chance, Lëtzebuerg an domadder d'CFL erëm un dat internationaalt Nuechtszuchnetz unzeschléissen? Falls jo, wäert d'CFL d'Verhandlungen mat der ÖBB sichen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu



Luxembourg, le 18 NOV. 2019



Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1388 du 24 octobre 2019 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les trains de nuit, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 1388 vum 24. Oktober 2019 vum Här Deputéierte Marc Goergen

Mat der parlamentarescher Fro n° 1388 vum 24. Oktober 2019 wollt den honorabelen Deputéierte Marc Goergen sech iwwert d'Nuetszich informéieren.

De Nightjet vun der ÖBB wäert ab Januar 2020, 2 mol d'Woch tëschent Wien a Bréissel an zeréck zirkuléieren (Sonndes a Mëttwochs a Richtung Bréissel; Méindes an Donneschdes a Richtung Wien).

Et handelt sech heibäi ëm de bestoenden Zuch Wien – Düsseldorf, deen haut schonn deeglech zirkuléiert, an ab Januar 2020 dann 2 mol d'Woch vu Köln aus via Oochen a Léck op Bréissel verlängert gëtt. Deemno ass eng Zirkulatioun vun dësem Zuch iwwer Lëtzebuerg net méiglech.

D'Reesender vu Lëtzebuerg kënnen dësen Zuch (2 mol d'Woch) zu Léck huelen (Connectioun mam IC-Zuch vun Lëtzebuerg op Léck), oder awer, wéi och schonn haut zu Koblenz (Connectioun mam RE-Zuch vu Lëtzebuerg op Koblenz) wat méi sënnvoll ass.

Am Allgemengen, a fir wirtschaftlech liewensfäheg ze sinn, mussen d'Nuetszich grouss Stied mat héijem Potenzial verbannen, iwwert eng laang Distanz an ouni Konkurrenz vun Héichgeschwindegkeetszich. Nuetszich mat der Hierkonft oder respektiv Terminus zu Lëtzebuerg hunn deemno leider wéineg Potenzial.